

IAM – WÉI GEET DAT?

Wéi der wahrscheinlech scho wësst, brauch all Schüler an Enseignant e sougenannten „IAM¹ Login“ fir sech op eise Computeren an den Infossäll unzemellen. Sou eng Identifikatioun kann ee relativ einfach iwwert d' Websäit „iam.education.lu“ ufroen. An dësem klengen Handbuch soll beschriwwen gi wéi dat funktionnéiert, souwuel fir iech als Enseignant'en wéi och fir är Schüler. Ären IAM Login kënnt der iwregens och op der *MySchool* Websäit, op der Websäit vu *Restopolis* an als Login fir de *Fichier Elèves* benotzen. Zousätzlech braucht der en, fir äre *LuxTrust Stick* z'aktivéieren.

Déi hei beschriwwen Prozedur kann ee vun iergendengem Computer aus maachen, deen Internet-Accès huet, z.B. och vun doheem aus. An engem Infossäll vum LCD kann ee sech zu deem Zweck zäitweileng umellen als


Benutzernumm:	iam
Passwuert:	iam



Bei „Log on to“ muss dobäi ëmmer „EDUC“ stoen.

ÉISCHE SCHRÉTT: EN AKTIVATIOUNSCODE UFROEN

Op der Websäit „iam.education.lu“ an d'Sektioun „Perte/oubli du mot de passe – demande nouveau code d'activation IAM“ goen:



1 IAM = Identity Access Management

- (1) Är (resp. ärem Schüler seng) Matricule's Nummer aginn. De Schüler hir Matricule's Nummere kënnt der, wann néideg, am *Fichier Elèves* nokucken.
- (2) *Courier postal* uwiele fir den Aktivatiounscode mat der Post heem geschéckt ze kréien, oder *Guichet local* wann de Code soll iwwert d'Internet un de Service Informatique vun der Schoul geschéckt ginn.
- (3) Op *Envoyer* klicken.

Demande d'un nouveau code d'activation

Il vous faut un code d'activation pour activer votre compte ou bien pour réinitialiser votre mot de passe (en cas de perte de celui-ci). Vous avez la possibilité de recevoir le code d'activation par courrier postal à votre domicile ou bien par l'intermédiaire d'un responsable de votre établissement qui peut se connecter au guichet local de l'IAM.

Matricule :


Sélectionnez votre préférence pour la délivrance du code d'activation

Courrier postal Guichet local

[Retour](#)

Falls alles geklappt huet, gött dës oder eng ähnlech Säit gewisen:

Demande d'un nouveau code d'activation

 Le code d'activation est en voie d'expédition, veuillez vous adresser au service informatique de votre établissement.

[Retour à la page principale](#)

Wann d'Optioun *Guichet local* benotzt gouf, kënnt der iech dono un de Service Informatique wenne fir ären Aktivatiounscode ze kréien. Zousätzlech kënnt der den Aktivatiounscode vun äre Schüler selwer op der IAM Websäit récupéréieren, allerdéngs nëmme wann et sech ëm eng Klass aus dem *Cycle inférieur* (also vu 7^e bis 5^e resp. 9^e) handelt. Dëst gött méi genau am Kapitel „Guichet Local“ erkläert. Am Fall wou der d'Optioun *Courier postal* ugewielt hat, kritt der bannent 2 Deeg e Bréif heemgeschéckt, deen ären Aktivatiounscode enthält.

Dat folgend Beispill illustréiert, wéi sou e Bréif typescherweis ausgesäit:

MINISTÈRE DE L'ÉDUCATION NATIONALE
ET DE LA FORMATION PROFESSIONNELLE
Centre de technologie de l'éducation

IDENTITY AND ACCESS MANAGEMENT

CTE, 29 avenue J.F. Kennedy, L-1855 Luxembourg

Pierre Muller
123, RUE DE L'EXEMPLE
L-5555 EXEMPLANGE

Luxembourg, le 13 janvier 2012

concerne : nouvelle activation de votre compte IAM via guichet local

Monsieur,

Vous trouverez ci-après les données personnelles nécessaires à l'activation de votre compte :

Nom : Muller
Prénom : Pierre

Nom d'utilisateur : MulPI505
Code d'activation : 5637 - 1935 - 1204 - 9904


Adresse email : pierre.muller@exemple.com
Systèmes concernés aujourd'hui : LCD-EDUC, eRestauration, mySchool, Fichier-Elèves

Vous devez vous connecter à l'URL <http://iam.education.lu/> avec les données ci-dessus pour activer votre compte. Cette URL vous servira aussi à toute communication en relation avec le service IAM.

Ministère de l'Éducation nationale - Centre de technologie de l'éducation
29 avenue J.F. Kennedy - L-1855 Luxembourg
+352 247 85993 - iam.helpdesk@cte.lu

ZWEEETE SCHRËTT: DE KONTO AKTIVÉIEREN

Soubal der ären Aktivatiounscode kritt hutt, kënnt der äre Konto aktivéieren, woubäi der och ärt perséinlecht Passwuert kënnt festleeën. Dofir op der Websäit „iam.education.lu“ bei *Activation Compte* op *Go* klicken:



Dono sinn dann eng Rei Etappen duerchzehuelen:

- (1) Nach eng Kéier är Matricule's-Nummer aginn.
- (2) Äre Benutzernumm (5 Bustawen an 3 Zifferen) aginn; dir fannt deen Numm an ärem Bréif.
- (3) Ären Aktivatiounscode aginn (dee steet och am Bréif).
- (4) Op *Envoyer* klicken.

Activation du compte IAM

Pour que le système puisse vous identifier correctement, veuillez entrer votre numéro de matricule (numéro de sécurité sociale) avec le nom d'utilisateur (userid) et le code d'activation qui a été envoyé par courrier postal à l'adresse de votre domicile ou qui a été déposé au guichet local IAM du service informatique de votre établissement.

Matricule :

Nom d'utilisateur IAM :

Code d'activation : - - -

Retour

Envoyer

! **Oppassen:** Ären Aktivatiounscode kann nëmmen exakt **eng eenzeg Kéier** benotzt ginn. Ausserdeem kann een aus Sécherheetsgrënn nëmmen **all 2 Deeg eng Kéier** en neien Aktivatiounscode ufroen. Aus deem Grund sollt een déi ganz Aktivatiounsprozedur ëmmer an engem Stéck maachen; et kann een net an der Mëtt ofbrieche fir spéider weiderzefueren, ouni sech rëm en neien Aktivatiounscode unzefroen.

Duerno de Kontrakt akzeptéieren:

- (1) Bei „J'accepte“ e Kreepche setzen.
- (2) Op *Envoyer* klicken.

Activation du compte IAM - Conditions générales d'utilisation

Le système de gestion des identités IAM mis en place par le ministère de l'Éducation nationale vise à simplifier l'accès aux ressources en relation avec l'enseignement. Dans cette idée, plusieurs systèmes et applications connectés à l'IAM reçoivent de celui-ci des données nécessaires à pouvoir établir la connexion avec les utilisateurs. Parmi ces données figurent entre autres l'identifiant (compte d'accès ou login name) et le code secret (mot de passe) de chaque utilisateur. L'identifiant étant fixé par le système, tout utilisateur doit particulièrement veiller à bien choisir son code secret étant donné que celui-ci constitue l'une des briques de base dans la sécurisation du système d'information. Le code secret doit être un code secret fort, c'est-à-dire difficile à deviner et à retrouver, même à l'aide d'outils automatisés. Il est à constituer de minuscules, de majuscules, de caractères spéciaux et de chiffres. Il doit avoir une longueur entre minimum 8 et maximum 20 caractères et doit être mémorisé par l'utilisateur. Le couple identifiant - code secret, permettant d'authentifier un utilisateur autorisé, est strictement personnel et ne doit en aucun cas être donné à une tierce personne. Tout usage qui pourra être fait d'un compte suite à une divulgation de mot de passe, entraînera la responsabilité du détenteur du compte. Si un utilisateur prend conscience que son compte est utilisé avec une intention frauduleuse, il devra le signaler dans les plus brefs délais au helpdesk de l'IAM. Étant donné que le système procure l'accès aux ressources informatiques de différents réseaux, tout utilisateur IAM doit se soumettre aux conditions d'utilisation relatives à ces systèmes et réseaux du moment qu'il se connecte à ceux-ci. Il s'agit notamment des conditions d'utilisation :

- de la F... ESTENA,
- de l'... school,
- des technologies de l'information de l'État

Tout utilisateur de l'IAM doit reconnaître avoir pris connaissance des présentes conditions.

J'accepte

Envoyer

A schliisslech kënt een op déi wichtigst Sait, wou ee ka säi Passwuert festleeën:

- (1) Ärt neit Passwuert aginn.
- (2) Ärt neit Passwuert nach eng Kéier aginn (als Schutz géint Tippfeeler).
- (3) Op *Envoyer* klicken.

Activation du compte IAM - Mot de passe pour votre compte IAM

Vu l'importance du mot de passe, il importe de noter qu'il doit être d'une certaine complexité:
8 caractères au moins, dont 2 caractères spéciaux avec 20 caractères au maximum
et qu'il faudra veiller à ne pas l'oublier et à ne pas le noter.

Veuillez entrer le nouveau mot de passe : [input] ✓

Veuillez l'entrer une deuxième fois pour confirmation : [input] ✓

Envoyer

E puer nëtzlech Hinweiser wéi een e séchert Passwuert wielt krit der och op dëser Sait presentéiert. Fir dass ärt Passwuert acceptéiert gëtt muss et ausserdeem eng gewësse Längt hunn (tëschent minimal 8 a maximal 20 Zeechen), a mindestens 2 Spezial-Zeechen (?!-+;:&% asw.) enthalen.

Wann dann alles geklappt huet, krit der dat op där nächster Sait matgedeelt. Vun deem Moment un kënt der ierch op eise PC'e mat ärem Benutzernumm an deem neie Passwuert aloggen.




Falls der iech op engem PC an engem vun eisen Infossäll als „iam“ agelogg hat (wéi um Ufank vun dësem Handbuch beschriwwen), kënnt der iech lo rëm ofmellen, andeems der d'Tasten **Ctrl, Alt** an **Delete** an deeër Reiefolleg dréckt a gedréckt haalt. Dir gesitt dann d' *Windows Security* Fënster, wou der kënnt op *Log Off* klicken.

DE „GUICHET LOCAL“

Als Enseignant vun enger Klass aus dem *Cycle inférieur* (7^e bis 5^e resp. 9^e) kënnt dir selwer d'Bréiwer mat den Aktivatiounscode vun äre Schüler op der IAM Websäit erausdrécken, falls äre Schüler d'Optioun *Guichet local* beim Ufroe vun hirem Code benotzt hunn². Dat erméiglecht iech et, an engem Infossäll mat ärer Klass déi ganz Prozedur ze duerchlafen, ouni iech dobäi mussen un de Service Informatique ze wennen. Am Beschten sollt ee sech dofir awer eng ganz Schoulstonn reservéieren, fir onnéidege Stress ze vermeiden. Klasse vum *Cycle supérieur* (also 4^e bis 1^{ère}) sollen hiren Aktivatiounscode entweder mat der Post heem schécke loossen, oder hir Bréiwer beim Service Informatique ofhuelen.


Fir äre Schüler hir Bréiwer erauszadrécken:

- (1) Mat de Schüler deen éischte Schrëtt („En Aktivatiounscode ufroen“) ausféieren. Fir dat ze maache kënne si sech, wéi um Ufank vun dësem Dokument beschriwwen, mam Benutzernumm „iam“ an dem Passwuert „iam“ um Computer umellen.
- (2) Den Enseignant muss sech duerno op der IAM Websäit mat Hëllef vu sengem *Luxtrust* Stick umellen.





² Heifir muss den Enseignant säin aktivéierte *Luxtrust* Stick derbäi hunn.

(3) Dono dann op *Go* an der Sektioun *Guichet local* klicken:




(4) Op *Continuer* klicke fir d'Lëscht vu Schüler ze gesinn, déi hire Code ugefrot hunn.



(5) An der Lëscht déi gewënschte Schüler sichen, dann op d'Symbol  an deenen Zeile klicken. Eng standard *Print* Fënster geet dann op, wou ee kann uginn, op wéi enger Imprimante de Bréif soll erausgedréckt ginn. Am Prinzip brauch een an deeër Fënster nëmmen op den *Ok* Knäppchen ze klicken.

Tip: D'Lëscht léisst sech no Numm, Klass asw. zortéieren, andeems een op déi jeeweileg Entête klickt.



De Schrëtt (5) muss fir all Schüler an der Lëscht eenzel ausgefouert ginn.


(6) De Schüler hir Bréiwer ausdeelen, a mat hinnen deen zweete Schrëtt duerchhuelen („De Konto aktivéieren“, c.f. Sait 3).


Wat maache wann e Schüler net an der Lëscht vum Guichet Local optaucht?


Wann engem Schüler säin Numm net an der Lëscht ass, sollt een:

1. iwwerpréiwen ob de Schüler deen éischte Schrëtt erfollegräich ofgeschloss huet,
2. d' Websäit vum Guichet local frësch luede fir eng aktualiséiert Versioun ze kréien.

Falls dëst net weiderhëlleft, kann et sinn dass de Schüler am éischte Schrëtt ongewollt d'Optioun *Courrier postal* statt *Guichet local* ugewielt hat. An deem Fall hutt der ëmmer nach d'Méiglechkeet, säi Bréif ofzefänken, soulaang dësen net scho mat der Post verschéckt ginn ass. Dofir fir d'éischt op d'Wuert „Retour“ ënne lénks am *Guichet local* klicke fir de Guichet ze verloossen. Dann am Menü bei *Informations utilisateurs IAM* op „Go“ klicken an dem Schüler säi Benutzernumm (oder wéinstens déi 4 éischt Buschtawen dovunner) aginn.



Dir kritt da méi Detailler zu deem Schüler ugewisen, a falls säin Aktivatiounscode nach net verschéckt gouf, gëtt et och e  Symbol, op dat ee ka klicke fir de Bréif erauszedrëcken:

Nom :	...	Nom d'utilisateur :	...	Matricule :	...
Activation-Status :	pending	Class :	-	Platforms :	...
Code delivery status :	guichet local - 	Paper deliveries :	20080903		...

Wann der op dës Manéier dem Schüler säi Bréif nach ëmmer net kënnt erauszedrëcken, da wennt iech w.e.g. un de Service Informatique.